ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 18. Dezember 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Bei den Ausmiessungen, déi duerch de Service vum Kadaster op Ufro vun den ëffentlechen Institutiounen a vu Privatleit um Terrain ausgefouert ginn, besteet ee grousse Réckstand, deen all Limitten iwwertrëfft an dëst schonns säit dem Joer 2001. Den deemolege Minister hat op eng parlamentaresch Fro (N°1305) geäntwert, datt een sech dësem Problem an engem Méijoeresplpang géif unhuelen.

Elo schreiwe mir d'Joer 2018 an ewéi mir zougedroe gouf, ass nach ëmmer ee grousse Réckstand, esou zum Beispill bei der Ausmoossung vu Bauplazen, déi am Perimeter leien, wou eenzel Privatleit iwwert ee Joer musse waarden, bis datt d'Ausmiessung säitens dem Kadasterservice gemaach gëtt.

An dësem Kontext géif ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Wat sinn déi genee Grënn fir dës Réckstänn?
2. Firwat hunn déi eenzel "Rattrapages"-Aktiounen net dat gewënschte Resultat virzeweisen?
3. Wat gedenkt den Här Minister resp. d'Regierung ze ënnerhuelen, fir datt dës Réckstänn esou schnell ewéi méiglech opgeschafft ginn, an datt och déi zukünfteg Demanden an engem normalen Zäitraum kënne verschafft ginn?
4. Wéi vill Dossieren hunn an dësem Beräich ee Réckstand vun iwwert engem Joer, resp. dräi an zéng Joer?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten